

UNHCR
L'Agence des Nations
Unies pour les réfugiés

IWWER FLÜCHTLINGEN INFORMÉIEREN

BROSCHÜR
FIR
JOURNALISTEN

www.unhcr.lu

IWWER FLÜCHTLINGEN INFORMÉIEREN

Asyl a Migratioun sinn a bleiwen aktuell Theemen, déi zu villen ëffentlechen Debatte féieren. Dofir ass et wichteg, korrekt an nuancéiert Informatiounen zu dësem Theema ze liwweren, fir Onkloerheeten a Polariséierung an den Debatten ze vermeiden.

D'Agence vun de Vereenten Natioune fir Flüchtlingen (UNHCR) koordinéiert weltwäit Hëllefsaktiounen, fir déi Persounen ze schützen, déi gezwonge sinn, aus hirer Heemecht ze flüchten. D'UNHCR setzt sech derfir an, Liewen ze retten, d'Rechter vu Flüchtlingen a staatelose Persounen ze schützen an eng besser Zukunft fir si opzebauen. An dësem Kontext setzt d'UNHCR sech och a fir eng korrekt Berichterstattung an Duerstellung vu Flüchtlingen an Demandeur-d'asillen an de Medien. Heiansdo kann den einfache Choix vun engem Wuert e groussen Ënnerscheed maachen.

Dofir huet d'UNHCR dës Broschür mat praktesche Rotschléi fir Journalisten erausginn.

Zu Lëtzebuerg fuerdert den Ethikkodex vun de Journalisten d'Sich no der Wourecht, d'Onofhängegkeet an de Respekt vun der Privatsphär an de journalistesche Reportagen. D'Journaliste schütze besonnesch d'mënschlech Dignitéit vu vulnerabele Persounen. Si vermeide Stigmatiséierung op Basis vun der ethnescher Hierkonft, der Nationalitéit, der Relioun oder dem Glawen, a ruffen net zu Diskriminéierung, Haass oder Rassismus op.

Trotzdeem zirkuléiere weiderhi falsch Informatiounen a Virstellungen am Zesummenhang mat Flüchtlingen an Demandeur-d'asillen. Artikelen, déi onprezis geschriwwe sinn, zum Beispill well se eng inexakt Terminologie benotzen, droen zur Konfusioun bäi a kënne Virurteeler schafen oder verstäerken. Chefredakteren, Journalisten a Fotografe sollten sech bewosst sinn, datt esou Desinformatiounen negativ Konsequenze fir Flüchtlingen an Demandeur-d'asillen kënnen hunn. Et ass wichteg, d'Informatiounen am Detail ze iwwerpréiwen, op déi benotzte Begréffer an op de jeeweilege Kontext opzepassen.

D'Wierder „Flüchtling", „Migrant" an „Demandeur d'asile" ginn dacks synonym benotzt, ouni en Ënnerscheed ze maachen. Dës Broschür definéiert verschidde weesentlech Konzepter kloer an dréit domat derzou bäi, datt d'Informatioune prezis a relevant sinn. Zousätzlech beinhalt se Recommandatioune fir Interviewen a Fotoen, déi sollen derfir suergen, datt d'Privatsphär an d'Dignitéit vum Mënsch respektéiert ginn.

> *„D'Flüchtlinge kommen net heihinner, well se wirtschaftlech Méiglechkeete sichen, mä fir viru Krich, Verfollgung, Doud, Folter a Vergewaltegung ze flüchten. Nom internationale Recht hunn si e Recht op Schutz an Hëllef."*
>
> **Filippo Grandi**
> Haut Commissaire des Nations Unies pour les réfugiés

Belsch, 2023. De Yohannes, en äthiopesche Flüchtling, ass no senger Evakuéierung aus dem Sudan nees mat senger Mamm an der Belsch vereent.
© UNHCR/Olivier van Naemen



Ukrain 2022. Mataarbechter vum UNHCR beobachten de Grenziwwergang tëschent Polen an der Ukrain zu Krakovets.
© UNHCR/Valerio Muscella

CHEFREDAKTEREN, JOURNALISTEN A FOTOGRAFE SOLLE SECH BEWOSST SINN, **DATT FALSCH INFORMATIOUNE KËNNEN NEGATIV KONSEQUENZE FIR D'FLÜCHTLINGEN AN D'DEMANDEUR-D'ASILLEN HUNN.**

DEFINITIOUNEN

Et ass essentiel, déi richteg Terminologie an e relevante Vocabulaire ze benotzen, wann et ëm sensibel Theeme geet. Heidrënner ginn e puer Begréffer opgelëscht.

WAT ASS E **FLÜCHTLING?**

No der Konventioun vun 1951 iwwer de Status vun de Flüchtlingen ass e Flüchtling eng Persoun, déi aus begrënnter Angscht viru Verfollgung opgrond vun hirer ethnescher Hierkonft, Nationalitéit, Relioun, politescher Meenung oder Zougehéieregkeet zu enger bestëmmter sozialer Grupp aus hirem Hierkonftsland flücht. E Flüchtling iwwerschreit eng international Grenz op der Sich no Sécherheet an engem anere Land, wou hien dann international als „Flüchtling“ unerkannt gëtt. Zu Lëtzebuerg si Flüchtlingen, zesumme mat de Beneficiairë vu subsidiärem Schutz (cf. ënnen), sougenannt Beneficiairë vun internationalem Schutz.

Wa Persoune gezwonge sinn ze flüchten, ass dat, well se net vum Schutz duerch d’Autoritéiten an hirem Land kënne profitéieren oder well d’Autoritéite selwer fir d’Verfollgung verantwortlech sinn. Déi aner Länner hunn eng international Verflichtung, se opzehuelen an hinne Schutz ze bidden. D’Flüchtlingen däerfen net gezwonge ginn, an hiert Hierkonftsland zeréckzegoen, wann hiert Liewen, hir Sécherheet oder hir Grondrechter do menacéiert sinn. Dëse Prinzip gëtt och *Non-Refoulement* genannt.

WAT ASS EN **DEMANDEUR D’ASILE?**

Net all Demandeur-d’asillen si Flüchtlingen. En Demandeur d’asile ass eng Persoun, déi an en anert Land komm ass an eng Demande op Asyl bei enger zoustänneger Autoritéit agereecht huet, déi iwwerpréift, ob d’Persoun internationale Schutz brauch. Zu Lëtzebuerg ginn si Demandeure fir internationale Schutz genannt. De Service fir Flüchtlinge vun der Generaldirektioun fir Immigratioun (DGIM) vum Inneministère entscheet, ob en Demandeur d’asile op Basis vun der Konventioun vun 1951 iwwer de Status vun de Flüchtlingen als Flüchtling unerkannt ka ginn. D’DGIM kann de subsidiäre Schutz och accordéieren, wann den Demandeur d’asile d’Konditiounen, fir als Flüchtling unerkannt ze ginn, net erfëllt, awer trotzdeem riskéiert, eeschte Schued ze erleiden, wann en a säin Hierkonftsland zeréckgeschéckt gëtt (cf. ënnen).

Esoulaang d’Asylprozedur leeft, hunn d’Demandeur-d’asillen d’Recht, am Land ze bleiwen. E gi keng „falsch“ oder „illegal“ Demandeur-d’asillen. Asyl ufroen ass e fundamentaalt Mënscherecht an dofir ni illegal.

D’Persounen, déi um Enn vun der Asylprozedur keen Usproch op internationale Schutz als Flüchtlingen oder op subsidiäre Schutz hunn, hu kee Recht méi, zu Lëtzebuerg ze bleiwen. Am Prinzip kënne si an hiert Heemechtsland ausgewise ginn. Dëse Persoune gëtt dann d’Recht op Asyl verweigert.



Tansania 2022. De Filippo Grandi, le Haut Commissaire des Nations Unies pour les réfugiés, besicht d'Flüchtlingslager Nyarugusu zu Kigoma. © UNHCR/Anthony Karumba

WAT ASS E **MIGRANT?**

E Migrant ass eng Persoun, déi hiert Heemechtsland normalerweis fräiwëlleg verlooss huet an am Géigesaz zu engem Flüchtling do net a Gefor ass, verfollegt ze ginn. Et gëtt vill Grënn, firwat Leit emigréieren: wirtschaftlech Facteuren, Studien, Familljereunifikatioun asw. Dofir ass den UNHCR net fir Migranten zoustänneg.

D'Ënnerscheedung tëschent de Begréffer „Flüchtling" a „Migrant" ass essentiel. D'Verwiessele vun deenen zwee Begréffer lenkt vun de Bedierfnesser a Rechter vun de Flüchtlingen of. Dat ännert näischt un der Tatsaach, datt d'Rechter an d'mënschlech Dignitéit vun de Migranten och musse respektéiert ginn.

Wann Dir Iech net sécher sidd, ob et sech bei Persounen ëm Flüchtlingen oder Migranten handelt, benotzt den Ausdrock „gemëscht Migratioun(sstréim)" oder schwätzt vu „Flüchtlingen a Migranten".

WAT ASS ENG **INTERN VERDRIWWE PERSOUN?**

Eng „intern verdriwwe Persoun" ass eng Persoun, déi bannent hirem eegene Land flücht. Betraffe Persoune kënnen aus de selwechte Grënn flüchten ewéi e Flüchtling, iwwerschreiden awer keng international Grenz. Si ënnerscheeden sech dora vu Flüchtlingen, déi op der Sich no Sécherheet a Schutz eng oder méi international Grenzen iwwerschreiden.

Dës Persoune sollte vun hiren eegenen Autoritéite geschützt ginn, awer an der Praxis ass dat dacks net de Fall.

D'KONVENTIOUN VUN 1951 IWWER DE STATUS VUN DE FLÜCHTLINGEN

D'Konventioun vun 1951 iwwer de Status vun de Flüchtlingen, déi och ënnert dem Numm Genfer Konventioun bekannt ass, ass d'juristesch Basis vum internationale Schutz vun de Flüchtlingen. D'Konventioun enthält eng universell Definitioun vum Begréff „Flüchtling" esouwéi d'Grondrechter a Flichte vun de Flüchtlingen. D'Konventioun ass e wichtegt Instrument fir d'Mënscherechter a gouf urspréinglech mam Zil ausgeschafft, de Milliounen vun Europäer ze hëllefen, déi nom Zweete Weltkrich gezwonge waren ze flüchten.

„KLIMAFLÜCHTLINGEN"

De Klimawandel forcéiert ëmmer méi Leit (international) ze migréieren, awer laut der UNHCR ginn se doduerch net zu „Klimaflüchtlingen". Tatsächlech flüchten si net aus Angscht, verfollegt ze ginn, aus hirem Land a falen dofir net ënner d'Definitioun vun der Konventioun vun 1951 iwwer de Status vun de Flüchtlingen. Et gëtt nach keen internationale juristesche Kader fir dës Persounen. Amplaz vu „Klimaflüchtlingen" ass et méi korrekt, vu „Persounen, déi am Kontext vun Naturkatastrophen a vum Klimawandel verdriwwe ginn" ze schwätzen.

WAT ASS SUBSIDIÄRE SCHUTZ?

De subsidiäre Schutz gëtt am Aklang mat enger EU-Direktiv enger Persoun accordéiert, déi d'Konditioune fir de Flüchtlingsstatus net erfëllt, awer trotzdeem Schutz brauch, well si riskéiert mat Follgendem konfrontéiert ze ginn:

- der Doudesstrof oder der Hiriichtung an hirem Land;
- Folter, onmënschlechen oder erniddregende Strofen oder Behandlungen; oder
- Akte vun ondifferenzéierter Gewalt a Situatioune vun internem oder internationalem bewaffnete Konflikt.

WAT ASS TEMPORÄRE SCHUTZ?

Den temporäre Schutz ass eng aussergewéinlech Prozedur, déi vun der Europäescher Unioun am Fall vun engem massiven Zoufloss vun net-europäesche Bierger, déi flüchten, agesat gëtt. Dës Persoune profitéieren dann direkt a kollektiv vun temporärem internationale Schutz an den EU-Memberstaaten. Den Europäesche Conseil huet de 4. Mäerz 2022 decidéiert, den temporäre Schutz fir Leit, déi virum Krich an der Ukrain flüchten, ze aktivéieren.

WAT ASS D'FAMILLJEREUNIFIKATIOUN?

D'Familljereunifikatioun ass d'Zesummeféierung vun enger Famill, déi wéinst Krich oder Verfollgung getrennt gouf. De Schutz vun der Familljeneenheet ass e wichtegt Mënscherecht, dat implizéiert, datt d'Flüchtlingen d'Recht hunn, datt verschidde Membere vun hirer Famill legal bei si op Lëtzebuerg kommen. Dat ass ganz dacks de prioritäre Wonsch vun de Flüchtlingen, well et e wichtege Schrëtt duerstellt, fir zeréck an en normaalt Liewen ze fannen.



Afghanistan, 2022. Verdriwwene Schüler an der Primärschoul zu Kahdistan. © UNHCR/Chinar

WAT VERSTEET EEN ËNNER **ONBEGLEETEN A GETRENNTE KANNER?**

Onbegleet a getrennt Kanner si Mannerjäreger, déi net an hirem Heemechtsland liewen a vun hiren Elteren oder Erzéiungsberechtegte getrennt sinn. Dës Kanner kënne Flüchtlingen, Demandeur-d'asillen oder Migrante sinn. Zu Lëtzebuerg ginn se „MNA" (mineurs non-accompagnés, also onbegleet Mannerjäreger) genannt.

En onbegleet a getrennt Kand kann Asyl ufroen an huet spezifesch Bedierfnesser, wéi zum Beispill den Zougang zu enger sécherer Wunneng, den Zougang zu relevanten Informatiounen a Begleedung am Kontext vun enger Asylufro.



Nigeria, 2022. Flüchtlingen aus Kamerun feieren de Weltflüchtlingsdag den 20. Juni. © UNHCR/Lucy Agiende



Sudan, 2023. Siwe Méint nom Ufank vum Konflikt klëmmt d'Zuel vun de Flüchtlingen an interne Verdriwwenen um Grenziwwergang Joda. © UNHCR/Ala Kheir

WAT ASS **ENG STAATELOS PERSOUN?**

Déi international akzeptéiert juristesch Definitioun vun enger staateloser Persoun ass „eng Persoun, déi der jeeweileger Legislatioun no vu kengem Staat als Staatsbierger ugesi gëtt“. Staatelos Persounen hunn dofir keng Nationalitéit, wat se dacks drun hënnert, fundamental Mënscherechter ze revendiquéieren, wéi zum Beispill d'Recht op Bildung, Aarbecht, Gesondheetsversuergung oder Beweegungsfräiheet. Verschidde Persoune gi staatelos gebuer, anerer ginn et zu engem spéideren Zäitpunkt. D'Grënn dofir sinn ënnerschiddlech: Zum Beispill kënne Leit staatelos gi wéinst Diskriminéierung op Basis vun der ethnescher Hierkonft oder vum Geschlecht, wéinst Lacunnen an der Legislatioun oder wann en Territoire vun engem Staat un en aneren iwwerdroe gëtt.

WAT ASS **NEIUSIIDLUNG?**

Wann déi vulnerabelst Flüchtlinge weeder an hiert Heemechtsland kënnen zeréckgoen nach an deem Land kënne bleiwen, dat si opgeholl huet, hunn si d'Recht op eng Neiusiidlung. Dat ass zum Beispill de Fall, wa Flüchtlingen engem Sécherheetsrisiko ausgesat sinn oder un engem komplexe Gesondheetszoustand oder engem Handicap leiden an d'Gaaschtland hinnen net déi entspriechend Versuergung ka bidden. D'UNHCR identifizéiert déi vulnerabelst Flüchtlinge fir d'Neiusiidlung a verweist se un d'Regierunge vun de Länner, déi bereet sinn, se opzehuelen. 2023 hu 24 Länner weltwäit un der Neiusiidlung deelgeholl.

Nieft der lokaler Integratioun an der fräiwëlleger Réckrees ass d'Neiusiidlung eng vun den dräi dauerhafte Léisunge fir Flüchtlingen. D'Neiusiidlung ass en Zeeche vu Solidaritéit mat Drëttlänner, déi wéineg Moyenen hunn an déi d'Majoritéit (71 %) vun de Flüchtlingen op der Welt ophuelen.

WAT ASS **ËMVERDEELUNG?**

D'Ëmverdeelung bezitt sech op den Transfert vun Demandeur-d'asillen a Flüchtlinge vun engem EU-Memberstaat an en aneren. Et handelt sech ëm en internen EU-Prozess, an deem sengem Kader verschidde Memberstaaten engem anere Memberstaat hëllefen, andeems se d'Verantwortung fir d'Ophuele vun enger ausgemaachter Zuel vun Demandeur-d'asillen an/oder Flüchtlingen iwwerhuelen. D'Ëmverdeelung ass en Ausdrock vu Solidaritéit bannent der EU, besonnesch mat Länner un de Baussegrenze vun der EU, wéi Griicheland an Italien, déi e groussen Deel vun den Demandeur-d'asillen ophuelen, déi an Europa ukommen.

WAT ASS **MËNSCHESCHMUGGEL?**

De Mënscheschmuggel ass d'illegal Begleedung oder den illegalen Transport vu Persounen iwwer eng international Grenz, am Verstouss géint d'Gesetzgeebung vun engem oder méi Länner, fir e finanzielle Gewënn. Dat kann heemlech oder duerch Bedruch gemaach ginn, zum Beispill mat Hëllef vu gefälschten Dokumenter. Verschidde Leit gräifen op d'Servicer vu Schmuggler zeréck, well et schwéier oder esouguer onméiglech ass, d'Grenzen op legal Aart a Weis ze iwwerschreiden. De Mënscheschmuggel geschitt normalerweis mam Averständnis vun der betraffener Persoun, dacks fir grouss Geldzommen.

WAT ASS **MËNSCHENHANDEL?**

Am Géigesaz zum Mënscheschmuggel geschitt de Mënschenhandel seele mam Averständnis vun der betraffener Persoun. E bezeechent d'Ausbeutung vun enger Persoun mam Zil, Profit ze maachen. Bedruch, Gewalt oder Zwang spillen eng wichteg Roll beim Mënscheschmuggel. Wann d'Affer op hirer Destinatioun ukommen, ass d'Ausbeutung meeschtens vu wirtschaftlecher oder sexueller Natur.

HALEN D'DEMANDEUR-D'ASILLEN SECH **ILLEGAL AM LAND** OP?

D'Demandeur-d'asillen hunn d'Erlabnes, sech legal zu Lëtzebuerg opzehalen, vun deem Moment un, wou se hir Asylufro beim Service fir Flüchtlinge vun der DGIM agereecht hunn, an esoulaang dës Ufro iwwerpréift gëtt. Dacks mussen se séier oder heemlech flüchten an dobäi Päss an aner Reesdokumenter zeréckloossen. Verschidden Dokumenter kënnen och vun den Autoritéiten am Heemechtsland oder ënnerwee konfiszéiert gi sinn. Wann dat de Fall ass, kann et geschéien, datt d'Demandeur-d'asillen irregulär an d'Land kommen oder erageschmuggelt ginn. Dat heescht awer net, datt hiren Openthalt doduerch illegal ass oder datt si „illegal" sinn.



Afghanistan, 2021. De Mullah Ahmed a seng Kanner virun hirem provisoreschen Ënnerdaach zu Kabul. © UNHCR/Andrew McConnell



Tschad, 2023. Honnerte vu sudaneesesche Flüchtlingen, déi nei ukomm sinn, waarden op d'Verdeelung vun den Hëllefspäck vum UNHCR an der Regioun Ouaddaï am Tschad, op der Grenz mam Sudan. © UNHCR/Colin Delfosse

D'ASYLPROZEDUR

ENG ASYLUFRO AREECHEN

D'Ufro gëtt beim Service fir Flüchtlinge vun der Generaldirektioun fir Immigratioun (DGIM) an der Stad Lëtzebuerg agereecht. Dee Service enregistréiert d'Asylufro an iwwerpréift, ob Lëtzebuerg fir d'Traitéiere vun dëser Ufro nom Reglement vun Dublin verantwortlech ass (cf. och S. 11). Wann en anere Memberstaat fir d'Traitéiere vun der Demande zoustänneg ass, ka Lëtzebuerg den Demandeur d'asile an dëse Memberstaat transferéieren.

MATERIELL HËLLEF

Nodeems se hir Asylufro agereecht hunn, ginn d'Demandeur-d'asillen a kollektiven Opnamstrukturen ënnerbruecht. Déi deeglech Gestioun vun den Opnamstrukture gëtt vum Office national de l'accueil (ONA) assuréiert, deen a verschiddene vu senge Strukturen och mat HUT - Hëllef um Terrain oder dem Roude Kräiz zesummeschafft. All dës Opnamstrukture sinn „oppen", dat heescht, datt d'Demandeur-d'asillen fräi kënne kommen a goen. Si kréien Iessen, en Ënnerdaach, Kleeder, sozial, medezinesch a psychologesch Hëllef, eng monatlech Allokatioun an Zougang zu juristescher Hëllef an anere Servicer, wéi Dolmetscher a Formatiounen.

IWWERPRÉIWUNG AN DECISIOUN

D'Asylufro gëtt vum Service fir Flüchtlinge vun der Generaldirektioun fir Immigratioun (DGIM) iwwerpréift. An engem perséinleche Gespréich mat engem Mataarbechter vum Service fir Flüchtlinge kann den Demandeur d'asile säi Parcours erzielen an d'Grënn fir seng Ufro erklären. De Service fir Flüchtlingen iwwerpréift dann d'Deklaratiounen an all agereechten Dokumenter an decidéiert, ob de Flüchtlingsstatus oder de subsidiäre Schutz accordéiert gëtt oder net. Wärend dem Iwwerpréiwe vu senger Ufro kritt den Demandeur d'asile e Certificat, deen him et erlaabt, zu Lëtzebuerg ze bleiwen.

RECOURS

Wann den Demandeur d'asile net mat der Decisioun vun der DGIM averstanen ass, kann en e Recours beim Verwaltungsgeriicht maachen. D'Verwaltungsgeriicht kann der DGIM hir Decisioun confirméieren (d'Decisioun bleift onverännert), se reforméieren (d'Decisioun gëtt geännert) oder se annuléieren (d'DGIM muss se dann nei iwwerpréiwen). Géint d'Decisioune vum Verwaltungsgeriicht kann en Appel virum Verwaltungsgeriichtshaff gemaach ginn.

REGLEMENT VUN DUBLIN

D'Memberstaate vun der EU hu gemeinsam Reegele fir d'Iwwerpréiwe vun den Asylufroen ausgeschafft. D'Reglement vun Dublin leet fest, wéi een europäescht Land fir d'Iwwerpréiwe vun enger Asylufro zoustänneg ass. Et ass normalerweis dat Land, wou den Demandeur d'asile fir d'éischt an d'EU komm ass.

WAT ASS **EXTERNALISÉIERUNG?**

D'Externaliséierung vum internationale Schutz bedeit, datt e Staat d'Demandeur-d'asillen direkt oder indirekt dervun ofhält, säin Territoire ze erreechen an/oder do internationale Schutz unzefroen oder dervun ze profitéieren. D'Externaliséierung ka verschidde Formen unhuelen, awer déi bekanntst, déi dacks an de Medien ernimmt gëtt, ass déi vum gezwongenen Transfert vun den Demandeur-d'asillen an en Drëttland, dat dann d'Asylufro iwwerpréift an eventuell internationale Schutz ubitt. Dat geschitt dacks a Länner mat wéineg Moyenen, wou de Schutz vun den Demandeur-d'asillen hire Rechter net garantéiert ass.

D'Moossnamen, déi drop aus sinn, d'Verantwortung ze vermeiden oder ze ëmgoen, andeems d'Verflichtungen op Drëttlänner iwwerdroe ginn, verstousse géint d'Konventioun vun 1951 iwwer de Status vun de Flüchtlingen a géint d'Prinzippie vun der internationaler Solidaritéit an dem Deele vun de Verantwortungen.



Ukrain, 2022. Eng Mataarbechterin vum UNHCR schwätzt mam Lidiia a senger Famill. © UNHCR/Igor Karpenko



Demokratesch Republik Kongo. De Friddenskommitee vum Duerf fërdert d'friddlech Koexistenz tëschent den Twa- a Bantu-Gemeinschaften. © UNHCR/Gwenn Dubourthoumieu

FLÜCHTLINGEN ODER DEMANDEUR-D'ASILLEN **INTERVIEWEN**

Wann iwwer Demandeur-d'asillen a Flüchtlinge geschwat gëtt, ass et wichteg, datt hir Stëmm och Gehéier kritt.

Demandeur-d'asillen a Flüchtlinge kënnen awer zécken, mat Journalisten ze schwätzen. Dat kann aus Angscht viru Repressalien an hirem Heemechtsland, wéinst Stereotyppen oder negativer ëffentlecher Perceptioun respektiv negative Reaktiounen de Fall sinn. Wann Dir e Gespréich mat engem Demandeur d'asile oder mat engem Flüchtling wëllt féieren:

- Nennt Är Absicht kloer;
- Respektéiert d'Anonymitéit, wann se gefrot gëtt;
- Informéiert Iech am Viraus iwwer d'Hierkonftsland vum Flüchtling oder vum Demandeur d'asile.

Wichteg: Schützt dem Demandeur d'asile seng Identitéit, onofhängeg vu sengem Status nom Enn vun der Asylprozedur, an deementspriechend onofhängeg vum Resultat vun der Demande (Ofleenung, Unerkennung vum Flüchtlingsstatus oder Accordéiere vu subsidiärem Schutz). Et kann néideg sinn, d'Anonymat och nach Jore méi spéit ze schützen, och wann d'Persoun an der Tëschenzäit déi lëtzebuergesch Nationalitéit kritt huet.

> D'Persounen, déi viru Verfollgung flüchten, loossen heiansdo hir Famill zeréck.
> **D'Famill am Hierkonftsland kéint Repressalie vu repressive Regimmer ausgesat ginn, wann hir Memberen zu Lëtzebuerg identifizéiert ginn.**

FOTOGRAFÉIEREN A **FILMEN**

Passt besonnesch gutt op, wann d'Persounen ze erkenne sinn. Vergewëssert Iech, datt d'Beschrëftunge vun de Biller korrekt sinn. Wann Dir Zweiwel iwwer d'Benotze vun de Biller hutt, schwätzt mat de Persounen, déi ofgebilt sinn, a vergewëssert Iech, datt se Iech autoriséieren, d'Foto- oder Videomaterial ze benotzen. D'Demandeur-d'asillen an d'Flüchtlingen, ganz besonnesch d'Kanner, hunn d'Recht op de Respekt vun hirem Privatliewen.

D'Persounen, déi viru Verfollgung flüchten, loossen heiansdo hir Famill zeréck. D'Famill am Hierkonftsland kéint Repressalie vu repressive Regimmer ausgesat ginn, wann hir Memberen zu Lëtzebuerg identifizéiert ginn. D'Flüchtlinge kënnen zu Lëtzebuerg vun Unhänger vun engem auslännesche Regimm (mam Doud) menacéiert oder attackéiert ginn.

D'WICHTEGKEET VUN **EXAKTEN DATEN AN ZUELEN**

Et ass essentiel, d'Fakten ze etabléieren an d'Zuelen ze iwwerpréiwen. Gitt d'Quell vun de Statistiken un, fir d'Credibilitéit vun Ärer Aarbecht ze verstäerken. Consultéiert zum Beispill den Dateportal vum UNHCR, deen Informatiounen an Daten iwwer déi verschidden Noutsituatiounen an der Welt publizéiert: data.unhcr.org

Fir méi Informatiounen an Zuele consultéiert och:

- D'Säit vun de Statistiken: www.unhcr.org/be/a-propos/chiffres
- Global Focus fir déi wichtegst operationell Aktualiséierungen: reporting.unhcr.org
- Refugee Data Finder, eng statistesch Datebank iwwer Flüchtlingen: unhcr.org/refugee-statistics

SENG EXPERTE **KENNEN**

Verloosst Iech net op eng eenzeg Quell, besonnesch bei kontroversen Theemen. Et gëtt eng breet Pallett vun Experten a spezialiséierten Organisatiounen, déi kënne consultéiert ginn. Op der Récksäit vun dëser Broschür fannt Dir eng Lëscht vun Autoritéiten an Organisatiounen, déi am Beräich vum Asyl a vun der Migratioun schaffen.

Fir Medienufroe kontaktéiert wgl.:
Christine Pirovolakis
E-Mail-Adress: pirovola@unhcr.org
Tel: +32 470 99 5435

Dir fannt d'Kontaktdate vun den UNHCR-Spriecher weltwäit ënner dësem Link: unhcr.org/international-media-contacts

D'GRËNN VUN ENGER **ASYLUFRO USCHWÄTZEN**

D'ëffentlech Debatt iwwer den Asyl gëtt dacks de Grënn, aus deenen d'Leit gezwonge sinn ze flüchten, wéi zum Beispill Konflikter a Mënscherechtsverletzungen, net genuch Opmierksamkeet. Et ass dofir ubruecht, dës Informatiounen am Kader vun Ärer journalistescher Aarbecht iwwer Demandeur-d'asillen a Flüchtlingen ze integréieren. Dat kéint och d'Qualitéit vun der Debatt iwwer den Asyl verbesseren.

FOTO- A VIDEOMATERIAL

Fir Biller vun zwangsverdriwwene Persoune kënnt Dir Refugees Media consultéieren. Dës online Multimedia-Datebank vum UNHCR stellt gratis Videoen a Fotoen zur Verfügung.

media.unhcr.org

> **Iwwer d'Mënscherechtsverletzungen an d'Konflikter,** déi d'Leit zwéngen, aus hire Länner ze flüchten, gëtt relativ wéineg bericht.

NËTZLECH **RESSOURCEN**

ETHIKKODEX

tinyurl.com/29xjyh2v
tinyurl.com/3tubeb4p

PRESS

Association luxembourgeoise des journalistes professionnels (ALJP)
52, avenue de la Gare L-1610 Luxembourg
+352 222 311
www.journalist.lu
info@journalist.lu

Presserot Lëtzebuerg
52, avenue de la Gare, L-1610 Luxembourg
+352 222 311
www.press.lu
secretariat@press.lu

ZOUSTÄNNEG AUTORITÉITEN AM BERÄICH VUM ASYL

Generaldirektioun fir Immigratioun (DGIM)
+352 247 840 40
immigration.public@mai.etat.lu

Office national de l'accueil (ONA)
+352 247 857 00
ona.gouvernement.lu/lb.html

Verwaltungsgeriicht a Verwaltungsgeriichtshaff
+352 421 051
www.justice.public.lu/fr.html

ORGANISATIOUNEN, DÉI AM BERÄICH VUM ASYL A VUN DER MIGRATIOUN SCHAFFEN

Lëtzebuergescht Rout Kräiz
2755
www.croix-rouge.lu

Lëtzebuerger Flüchtlingsrot
contact@lfr.lu
www.lfr.lu

European Migration Network Luxembourg
emn@uni.lu
emnluxembourg.uni.lu

ORGANISATIOUNE VUN DE VEREENTEN NATIOUNEN, DÉI AM BERÄICH VUM ASYL A VUN DER MIGRATIOUN SCHAFFEN

Agence vun de Vereenten Natioune fir Flüchtlingen (UNHCR)
+32 470 179 966
www.unhcr.lu

International Organisatioun fir Migratioun (OIM)
+32 228 770 00
belgium.iom.int



Demokratesch Republik Kongo, 2022. Jonk zentralafrikanesch Flüchtlingen a kongoleesesch Meedercher ginn zeréck an d'Schoul.
© UNHCR/Vittoria Moretti



Lëtzebuerg, 2021. De Yonas Kinde, lëtzebuergesche Liichtathlet a fréiere Flüchtling, lieft an trainéiert zu Lëtzebuerg. © UNHCR/Colin Delfosse

UNHCR
L'Agence des Nations Unies pour les réfugiés

Zënter 75 Joer ass den UNHCR (Héije Kommissär vun de Vereenten Natioune fir Flüchtlingen) um internationalen Niveau aktiv, fir d'Mënschen ze schützen, déi gezwonge sinn, viru Konflikter a Verfollgung ze flüchten.

Dës lëtzebuergesch Versioun vun der Broschür gouf mat der Ënnerstëtzung vum Zenter fir d'Lëtzebuerger Sprooch (ZLS) redigéiert.

+32 470 179 966
www.unhcr.lu